ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 16.3.2009 iwwer d'Euthanasie an d'Bäihëllef zum Suizid ass Lëtzebuerg, no Holland an der Belsch, zum drëtten EU-Memberstaat an iwwerhaapt zu engem vun deenen éischte Staate weltwäit ginn, déi d'Euthanasie legaliséiert hunn. Dëst Gesetz schreift ënner anerem explizitt vir, datt d'Entscheedung fir d'Euthanasie oder den assistéierte Suizid **ouni Drock vu bausse** getraff muss ginn.

Datt een hei zu Lëtzebuerg also säit 2009 ënner gewësse Bedingungen d'Recht huet, sech euthanaséieren ze loossen, dorop fokusséiert sech d'Informatiounsaarbecht vum "Service d'écoute et d'accompagnement" (SEA) vun der Vereenegung "Mäi Wëllen, Mäi Wee", ee Service, dee mam Familljeministère konventionéiert ass.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, datt déi finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir eng Associatioun, déi d'Euthanasie aktiv promouvéiert, ka problematesch sinn? Geet et net duer, datt de Staat ënner gewësse Bedingungen d'Euthanasie *erlaabt*? Muss e se och nach ënnerstëtzen? Misst de Staat net un éischter Plaz fir d'Palliativmedezin antrieden an déi promouvéieren an ënnerstëtzen?
2) Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt d'Aarbecht vun esou enger Vereenegung, déi ee Stierwen – wéi si behaapt - "an Dignitéit" promouvéiert, net dozou bäidroe kéint, den Drock op verschidde Leit ze erhéijen, déi trotz onheelbarer Krankheet een natierlechen Doud engem kënschtlechen Doud virzéien? Besteet net d'Gefor, datt dës Leit sech an hiert Liewen als "onwierdeg", respektiv als Laascht fir Drëtter, empfanne kéinten?
3) Gesäit d'Madamm Minister de Risiko, datt d'Promotioun vun der Euthanasie den Drock op d'Dokteren erhéije kéint an datt vun hinne gefuerdert gëtt Leit dout ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser,
Deputéierten